# Discours

## à l'occasion de la séance académique pour le 100e anniversaire de la Chambre des salariés

## par Nora BACK présidente de la CSL

25 janvier 2024

*Altesse Royale,*

*Här Präsident vun der Deputéiertechamber,*
*Dir Dammen an dir Hären Deputéiert,*
*Här Premierminister,*
*Dir Dammen an dir Häre Ministeren,*
*Här Europakommissär,*
*Här Vize-Präsident vum Europaparlament,*
*Liebe Kollegen der Arbeitskammer des Saarlandes,*
*Léif Éiregäscht,*
*Léif Kolleeginnen a Kolleegen a léif Frënn vun der Chambre des salariés,*

E ganz grousse merci fir är Präsenz haut den Owend.

Et ass mer eng grouss Éier iech haut den Owend hei am Numm vun der Chambre des Salariés begréissen ze dierfen.

An dass der zu souvill komm sidd, weist schonn de Stellewäert vun eisem Parlament vun der Aarbecht wéi mer eis selwer nennen. D'Chambre des Salariés ass haut net méi ewech ze denken aus dem institutionellen, de politeschen a soziale Liewen zu Lëtzebuerg.

Dee Stellewäert gouf och nach eng Kéier doduerch ënnerstrach dass mer, zesumme mat deenen anere Beruffschamberen, lescht Joer an der Verfassung verankert gi sinn.

Dat hätt een sech virun 100 Joer net kéinten denken. Deemools hätt warscheinlech kee gegleeft wéi eng wichteg Roll eis Chamber haut am legislative Prozess spillt. An datt se reegelrecht zum Erfolleg vun eisem Lëtzebuerger Modell, dee mer all héich halen, bäidréit.

100 Joer Asaz fir haut den Ausdrock ze si vum strukturéierten an institutionaliséiertem Sozialdialog. Dat kann ee feieren. An dat wäerte mer all zesumme feieren den Owend.

Ech si wierklech stolz fir haut hei kënnen ze stoen, stellvertriedend fir iwwert 600.000 Ressortissants déi mer entretemps hunn.

An ech sinn och immens frou driwwer wat mer an der CSL opgebaut hunn, wat eis Virgänger opgebaut hunn. All déi Generatiounen u Männer a Fraen déi d'CSL zu dem gemeet hu wat se haut ass.

Elo sot dir iech mir hunn eis awer nach gutt gehale fir 100 Joer, mee am Fong si mir  jo nach ganz jonk.

Well ënnert der haiteger Form existéiert d'Chambre des Salariés jo réischt zënter 15 Joer. Si ass gegrënnt ginn no der Aféierung vum Eenheetsstatut vun Aarbechter a Privatbeamten.

En historesche Schratt, gesellschaftspolitesch gesinn, mee awer natierlech och fir d'Salarié'en an hier Vertrieder a fir d'Gewerkschaftsbeweegung allgemeng.

Duerfir wëll ech dee Moment hei och notze fir all deene merci ze soen déi et duerch hiren Asaz fäerdeg bruecht hunn datt de Statut unique zu eiser Realitéit ginn ass.

Si hunn eng déifsëtzend Spaltung tëschent de schaffend Leit ofgeschaaft.

Dat war e Meilesteen an der Entwécklung vum soziale Fortschrëtt an e Meilesteen an der Geschicht vun de Salariatskummeren.

D'Chambre des Salariés ass also an sech jonk, mee awer natierlech och al. Et ass jo flott wann een sech dat kann sou raussichen …

Al natierlech well di zwou Chamberen aus deenen se entstanen ass, d'Aarbechterkummer an d'Privatbeamtekummer, schonn am Joer 1924 gegrënnt goufen. Ech gi lo net weider op déi Grënnung an; dat kënnen d'Historiker herno vill besser wéi ech.

Ech wëll d'ailleurs direkt dem Estelle Berthereau an dem Denis Scuto vum Zentrum fir zäitgenëssesch Geschicht Merci soe fir di Aarbecht déi se geleescht hu fir e Buch iwwert 100 Joer Chambre des salariés ze schreiwen.

D'Buch heescht : « Le Parlement du Travail : 100 ans au cœur du modèle social luxembourgeois ».

Mir freeën eis immens iwwert d'Buch well et war eng wichteg Aarbecht well et noutwendeg war eis Geschicht eng Kéier opzeschaffen an nidderzeschreiwen. Fir eis a fir all déi kommend Generatiounen.

Et geséit ee beim Liese vun dësem Buch wéi d'Chambren och duerch schwiereg Momenter komm sinn.

Schwiereg Momenter natierlech haaptsächlech fir déi schaffend Leit an hier Famillen. Zum Beispill di schwéier Wirtschaftskrise wéi déi virum zweete Weltkrich, wéi d'Stolkris, wéi och lo méi rezent d'Pandemie an d'Energiekris.

D'Wichtegkeet déi eis hei virun Ae gefouert gëtt, dass grad och an sou Phasen d'Stëmm vun de Salarié'e gehéiert muss ginn. Well dat si mir. Dat ware mir virun 100 Joer an dat wäerte mir och an 100 Joer nach sinn.

*Dir Dammen an dir Hären,*

« À la fois gardienne des conquêtes sociales et initiatrice de réflexions nouvelles sur les problématiques affectant la société luxembourgeoise » steet hannen um Buch. Ech denken dat resuméiert ganz gutt de Rôle vun der CSL.

An dem Kader geséit een och ganz gutt am Buch, wéi d'CSL sech ëmmer rëm weiderentwéckelt huet, wéi nei Aktivitéiten derbäi komm sinn.

Erlaabt mer do puer Beispiller ze ginn.

Dir wësst dass ee vun de Piliers vun eiser Chamber de Lifelong Learning Centre ass. An wéi sou oft, ass et och an der Bildung a Weiderbildung esou, datt näischt vum Himmel fält, an duerfir hu mer eis ebe selwer drëm gekëmmert.

1971 schonns huet deemools d'Privatbeamtechamber di éischt Owescours'en an der Formation continue ugebueden. Dat ass mat der Informatik ugaangen. Ech mengen do kann ee scho vu Wäitsicht vun deenen deemolege Responsable schwätzen.

Di Offer huet sech ëmmer weider developpéiert an diversifiéiert.

D'CSL as haut ee vun de gréissten Ubidder vu Weiderbildung an all Joer maachen iwwert 12.000 Leit an eise Cours mat.

Iwwer d'Offer eraus, setze mer eis awer och um politesche Plang duerfir an, dass jidderee muss e Recht op Weiderbildung kréien an dass dat och muss gesetzlech verankert sinn.

Grad an haitegen Zäite wou sech alles rasant weiderentwéckelt, an d'Aarbechtsplazen änneren, muss et e Recht fir jidderee ginn, sech och selwer weiderzeentwéckelen, an duerfir och déi néideg Zäit an d'Moyens ze kréien.

D'CSL huet awer och e Rôle an der Beruffsausbildung : iwwer Joren a Joerzéngten hu mer gehollef den Apprentissage ze promouvéieren an duerfir ze suergen dass déi Beruffer an der Gesellschaft méi Unerkennung kréien.

Dat ass eng immens wichteg an nobel Aufgab vun de Beruffschamberen déi domadder och wesentlech zur zukünfteger Entwécklung vun eisem Land bäidroen.

*Dir Dammen an dir Hären,*

Wann ee vun der zukünfteger Entwécklung vun eisem Land schwätzt, da muss een sech och d'Fro stelle wéi dat Land um soziale Plang soll ausgesinn.

D'CSL huet duerfir gesuergt, datt d'Thema vun den d'Inegalitéiten an eiser Gesellschaft net méi ignoréiert ka ginn.
Zënter méi wéi 10 Joer brénge mer all Joer de Panorama social eraus fir dorobber hinzeweisen.

Hautdesdaags ass a priori jiddereen d'accord mat der Feststellung dass d'Inegalitéite massiv geklomme sinn.

Déi meescht Leit gesinn de Problem och un, mee d'Léisung vum Problem schéngt leider nach ëmmer net iewescht Prioritéit ze sinn.

D'CSL huet an deene vergaangene Joren sech an dem Kontext, mee och doriwwer raus, vill mat der Steierpolitik befaasst. Mir hu gewisen dass de Steiersystem am Moment ongerecht ass, an zu den Ongläichheete bäidréit.

Dat wäert och an Zukunft e wichtegt Thema bleiwen.

E weideren Dossier wou mir eng Virreiderroll zu Lëtzebuerg gespillt hunn, ass d'Wuelbefanne vun de Salarié'en op hirer Aarbechtsplaz. Haut geet et net nëmme méi em di physesch Gesondheet,  mee ëmmer méi och em di mental Gesondheet, déi oft enk zesummen hänken.

D'CSL huet, zesumme mat der Uni Lëtzebuerg en Instrument ausgeschafft, de Quality of Work Index, dat et erlaabt wëssenschaftlech a repräsentativ d'Evolutioun vun dem Wuelbefannen op der Aarbecht ze moossen.

Et ass eis allgemeng wichteg, fir och zesumme mat aneren Acteuren, wéi der Uni an dem Liser, wëssenschaftlech an objektiv un d'Dossier'en erunzegoen.

D'CSL huet sech awer och intern e Staff gi fir selwer déifgräifend Analysen ze maachen, am ekonomeschen, sozialen, edukativen a juristesche Beräich.

Bei den internen Aarbechten geet et natierlech net nëmmen drëm fir eis Avis'en zu Gesetzesprojet'en ze schreiwen. Och wann dat ëmmer wäert de Kär vun eiser Aarbecht bleiwen.

Mee et geet awer wäit doriwwer raus.

Mir hunn zum Beispill rezent eng komplett Analyse gemaach vun de Salarié'en déi de Mindestloun kréien an hire Familljen.

Net nëmme wat den Niveau vum Mindestloun betrëfft, mee och mat alle sozioekonomeschen Detailer vun deene Menagen, an och zum Beispill wat d'Durée betrëfft wärend där d'Menagen de Mindestloun kréien. Kuckt iech déi onbedingt un, déi ass wierklech interessant.

Wann ech e bëssen zréckginn an der Zäit, muss ee soen datt déi Aart vun Etuden an der CSL schonns virum Statut unique ugefaangen hunn, an d'CSL sech domadder och zu enger Art Thinktank entwéckelt huet.

Zesummen hunn effektiv 2005 schon d'Privatbeamtechamber an d'Arbeiterkammer e Rapport ausgeschafft «Pour un modèle social sans faille».

Dat war e Konterrapport zu dem ominéise Rapport Fontagné, «une paille dans l'acier», opgrond vun dem senge Recommandatiounen den Index an de Mindestloun sollten a Fro gestallt ginn.

Dat ass net gelongen. Ënner anerem duerch eise Konterrapport, an deem di eenzel Argumenter vum Professer Fontagné vu Paräis een no dem anere widderluecht goufen. Deemno huet säi Rapport kéng Suite krut.

Mir hu lo viru kuerzem och eng nei Reflexiounsplattform gegrënnt, improof.lu, wou eis eege Leit, mee och extern Spezialisten, kënnen Artikel publizéiere fir den Debat zu Lëtzebuerg ze animéieren. Dat am Sënn vun enger méi sozialgerechter a méi durabler Ekonomie zu Lëtzebuerg.

Gitt iech dat ukucken. Et ass wierklech derwäert, well et sinn eng ganz Rei interessant an innovativ Artikelen op dem Site.

Eng Aktivitéit déi mer als CSL virun allem och an der lescht méi ausgebaut hunn, ass déi vun eisem Recht Gebrauch ze maache fir selwer Propositions de loi auszeschaffen. Déi musse laut Gesetz vun der Regierung gekuckt ginn a si mussen och an der Chamber diskutéiert ginn.

Mir hunn do z.B. eng Propositioun gemaach fir d'Aarbecht vun de Leit déi fir Internetplattforme schaffen, ze encadréieren.

Dat ass méi wéi néideg well et ëmmer méi Leit ginn déi ënnert prekäre Verhältnisser schaffen, oft als Faux-Indépendants ouni iergendwelch sozial Rechter.

An dann hu mer awer och eng Proposition de Loi fir Verbesserungen am Rentesystem gemeet. Déi schéngt haut nach méi wichteg wéi dee Moment wou se gemeet ginn ass.

Et sief viraus geschéckt datt CSL keng Verschlechterungen un eisem Rentesystem guttheescht. Dës Propositioun weist awer datt mer net einfach géint Reforme sinn, mee au contraire ganz konkret Virschléi maachen.

*Dir Dammen an dir Hären,*

ech komme lo zum Schluss well ech kann den Owend net op all eis politesch Dossieren agoen. An ech kann och net jidderengem merci soen deem ech wéilt an op all eis Collaboratiounen agoen déi mer maache mat souvill anere wichtegen Acteuren.

Erlaabt mer nach just ee Wuert zum Schluss zu deem wat eis am Moment am allermeeschte beschäftegt. D'Sozialwalen déi lo am Mäerz stattfannen, an de Betriber an och an der CSL.

D'Wale vun der CSL si mat Ofstand déi gréisste Walen déi zu Lëtzebuerg stattfannen. Mat 617.000 potentielle Wieler kënne mer vun eis behaapten do ass déi wierklech Demokratie. Dat sinn natierlech d'Salarié'en an d'Rentner, jonker ab 16 Joer déi en Apprentissage maachen, Lëtzebuerger an all aner Nationalitéiten, Résidents a Frontaliers, hei hu mir all eng Stëmm.

Op deem wichtege Punkt halen ech dann och op an Ech soen iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren. Och merci un all déi aner Intervenant'en dass si sech sech bereet erkläert hu fir den Owend e puer Wuert un iech ze riichten.

Ganz grousse Merci och un de Marc Limpach an d'Eugénie Anselin, un de Pol Belardi a seng Museker an un d'Claire Parsons fir dee kënschtlereschen Encadrement den Owend.

Ech wënschen eis e flotten Owend.